N°3621
Luxembourg, le 09.02.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 09.02.2026
Chambre des Députés

Monsieur Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 9. Februar 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit, an un den Här Inneminister weiderzeleeden.

Säit Ufank vun dësem Joer huet d'Ëmweltberodung Lëtzebuerg (EBL) d'Cogestioun vum Projet „Green Events" vum Oekozenter Pafendall iwwerholl. 2024 huet den Oekozenter Pafendall e Bilan vun den éischte 5 Joer vum Projet gemaach. Aus dem geet ervir, datt d'Locatiounskäschten vu „Mehrweggeschier" ze héich sinn. D'Unzuel vu Fräiwëllegen déi gebrauch gi fir d'Geschier anzesammelen an d'Spull ze maachen, d'Feele vu genuch Spullweenchen a „Mehrwegcontainer", sinn aner Problemer déi opgezielt ginn. Déi lescht Komplikatioun déi opgelëscht gëtt, ass d'Disponibilitéit vun Organisateuren, déi déi verschidden Iessstänn kontaktéieren.

An deem Kontext géing ech gäre den Häre Ministere follgend Froe stellen:

- Gouf et wärend dem Wiessel vum Cogestionnaire Evenementer déi begleet goufen?
    - Wa jo, wéi vill? A wéi sinn déi iwwert de Wiessel informéiert ginn?
- Kommen nach aner Changementer op de „Green Events" Projet duer?
    - Wa jo, wéini a wéi ginn déi kommunizéiert?
- Wéi vill Evenementer kruten, opgeschlësselt op d'Joren tëschent 2023 an 2025 de Logo „Green Events"? Wéi vill kruten de Logo "Mir engagéieren eis"?
    - Wéi vill waren vu Gemengen organiséiert? Wéi vill vu Veräiner?
- Wéi vill Evenementer goufen an deene Joren vu Beroder vun der SuperDrécksKëscht an/oder dem Oekozenter Pafendall begleet?
- Wéi vill Leit hunn, opgeschlësselt op d'Joer 2023 bis 2025 e „Green Event" oder „Mir engagéieren eis" Evenement besicht?
- Wéi vill Informatiounssëtzungen an Ateliere sinn 2025 organiséiert ginn?
    - Wéi vill Vertrieder vu Gemengen a lokale Veräiner hu bei dësen Informatiounssëtzungen an Ateliere matgemaach?
- Wat ass zënter der Veröffentlechung vum Bilan geschitt fir déi identifizéierte Problemer ze behiewen?
- Wat fir aner Ännerunge kommen nach op d' „Green Events" duer a wéini ginn se kommunizéiert?

Mat déiwem Respekt

Dan Biancalana
Deputéierten


Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg
Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu
lsap.lu